LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 29 JAN. 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
29 JAN. 2019

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

**Objet :** Question parlementaire 132

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire 132 de l'honorable députée Madame Martine Hansen tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

130-000008-20040525-FR

**Réponse de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire n°132 du 21 décembre 2018 de l'honorable députée Madame Martine Hansen**

Et muss den Ënnerscheed gemaach ginn têschent dem klassësche Schlegelmulcher oder „Schlegelmäher" an anere Mulcheren, déi net mat sougenannten „Hammerschlegelen" funktionéieren mee mat Messeren (oder soss geschärften Objet'en).

1. ***Kann d'Madamm Minister confirméieren datt Mulchen, wann et fachgerecht gemeet gëtt, e méi propperen a schounenden Heckeschnett erméiglecht?***

Nee. Leider huet effektiv missen an der Vergaangenheet festgestallt ginn, dat och wann et méiglech ass, déi jonk Schëtz vun enger Heck mat engem „Schlegelmäher" ze kierzen, dacks dëse Mulcher och geholl ginn ass fir méijäreg Äscht ze kierzen, wat dora resultéiert huet, dat dës ofgerappt gi sinn.

Den Hammerschlegel, duerch säin Zerrappungseffekt, verletzt d'Heck obschons d'Heck awer dofir net onbedéngt ofstierft. Ech ka net konfirméiren dat de Schlegelmulcher ee méi propperen a schounenden eejähregen Heckeschnëtt géing erméiglechen am Verglach mat Messeren, Messerscheiwen oder Heckeschneideren. Mee och messer-baséiert Mulchere musse schaarf si fir d'Fleeg vum eejäregen Austrieb. Méi grouss Zréckschneid-Aktioune sollt een dogéint mat spezialiséierte Maschinen maachen.

An der Ëmsetzung vum Naturschutzgesetz vun 2018 ass den alljärege Schnëtt vun den Hecke just nach lateral laanscht d'Weeër erlaabt. Et wäert also souwisou manner Eejäreges ze Schneide sinn.

2. ***Et ginn mëttlerweil schonns ganz nei Aarten vun Mulcher, firwat ginn dës net fir den Heckschnett zougelooss?***

3. ***Ass Madamm Minister bereet dës Maschinnen, bei fachgerechtem Asaz, an Zukunft ze autoriséieren?***

Dat neit Naturschutzgesetz vun 2018 gesait explizit just de Verbot vum Schlegelmäher („Faucheuse à fléaux") vir. Et gi Mulcheren, déi mat Messere funktionéieren (z.B. Schlegelmesser, Y-Messer, Bechermesser) oder Messerscheiwen („Sägeblätter") déi dréien. Dës erméiglechen, wa richteg agesat a wann se schaarf sinn, e proppere Schnëtt a sinn och weiderhi fir den Heckeschnëtt zougeloss.